



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 7. Januar 2018



Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech lech dës parlamentaresch Fro un den Här Educationnsminister an den Här Minister fir déi ëffentlech Déngscht weiderzeleeden.

Des Ëfteren huet d'Enseignementsgewerkschaft Féduse/Enseignement-CGFP ("Féduse") op en Ongläichgewiicht beim Verlaf vun deenen eenzelen Karriären am Enseignement a Relatioun zur jeeweileger Studien- a Stagezäit denoncéiert. An hirem Rentrées-Communiqué vum 20. September 2018 schreift d'Féduse :

« Nodeems kuerz virun der Summerpaus d'Gesetz zur staarker Opwäertung vun der Karriär vum Chargé d'enseignement a Kraaft getrueden ass, huet sech déi grotesk Situatioun erginn, dass dës reklasséiert Employéë quasi déiselwecht Pai kréien, wéi de Candidat-professeur E7, deen am Géigesaz zum Chargé d'enseignement den Examen-concours de recrutement huet misste packen an eng laangjäreg intensiv pädagogesch Ausbildung mat uschléissender Période probatoire huet missten duerchlafen an erfollegräich ofschléissen. Well de Reklassement vum Chargé d'enseignement awer an den Ae vum Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP total berechtegt ass, muss den Hiewel bei enger Regulariséierung vun der Karriär vum Candidat-professeur ugesat ginn. »

D'Féduse seet och, dass dës Mëssstand net deen eenzegen wier a verweist op e Communiqué vum 4. Juli 2018 mam Titel: „Minister Kersch: E Spill op Zäit amplaz eng Sich no Léisungen“.

Am Februar 2018 huet d'Féduse dem Educationnsminister detailléiert Berechnungen virgeluecht an och eng ganz Rei Léisungsvirschléi ënnerbreet. Och den deemolegen Minister fir den ëffentlechen Déngscht krut den 30. Abrëll 2018 en ausféierlechen Argumentaire virgeluecht.

An deem Kader wollt ech folgend Froen un déi Häre Ministere riichten:

- Sinn déi Häre Ministeren sech deene Ongläichgewiichter bewosst?
- Gedenken d'Ministeren d'Karriären vun de Candidats-professeurs opzewäerten? Wéi soll

dës Opwäertung konkret ausgesinn?

- Wéi steet de Minister zu deenen anere Revendicatiounen vun der Féduse? Op wéi engem Niveau hunn d'Ministère wëlles nozebesseren?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized, abstract shape.

Martine Hansen
Deputéiert



Luxembourg, le 12 février 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, de Monsieur le Ministre de la Fonction Publique à la question parlementaire N° 156 de Madame la Députée Martine Hansen

An hierem Communiqué vum 4. Juli 2018, sou wéi am Bréif deen d'FEDUSE-Enseignement am Abrëll 2018 un de Minister fir d'Fonction publique adresséiert huet, mëcht d'Associatioun op verschidden Ongleichheeten tëscht dem Verlaf vun der der Karriär vum Schoulmeeschter am Grad E5 an dem Professor am Grad E7, sou wéi tëscht dem Chargé d'Enseignement am Grad E6, dem Professor am Grad E7 an dem Candidat-Professeur opmierksam. D'FEDUSE beleet hier Aussoen mat Diagrammen déi weisen, dass d'Karriär vum Chargé d'Enseignement, respektiv vum Schoulmeeschter déi vum Professor oder vum Candidat-Professeur momenterweis dépasséiert, oder baal identësch zu dësen verleeft.

D'Servicer vum Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'Etat (CGPO) konnten déi generesch Diagrammen vun der FEDUSE nët am Detail iwwerpräiwen, allerdéngs kann een op Basis vun dem Verlaaf vun Karriär-Typen folgendes soen :

- aneschtors wéi vun der FEDUSE affirméiert, dépasséiert d'Karriär vum Schoulmeeschter am Grad E5 zu kengem Moment déi vum Professor;
- och lait d'Karriär vum Chargé d'Enseignement nët iwert d'äer vum Candidat-Professeur ;
- derbai kënnt, dass de Punktwert vum Chargé d'Enseignement während deenen éischten 20 Joër vun der Karriär 5,3% méi niddreg ass wéi deen vum Professor, dëst huet also och en Impakt op d'Masse salariale.

Allgemeng sinn zënter der Opwertung vun der Karriär duerch d'Unerkennung vun den Diplomer vum Schoulmeeschter 2009 an dem Reklassement vun de Chargés d'Enseignement 2018, d'Ënnerscheeder zu der Karriär vum Professor méi kleng ginn. Ët ass och wichteg ze ënnersträichen dass et sech beim Candidat-Professeur ëm en temporären Statut handelt, deen no der Redaktioun vum Travail de Candidature sollt enndégen, an nët ëm eng Karriär déi an der Gesetzgebung iwert d'Gehälter vun de Staatsbeamte virgesinn ass.

Wat eng sougenannten „Regulariséierung vun der Karriär vum Candidat-Professeur“ betrëfft, sou sinn hei d'candidats-professeurs sursitaires viséiert. Dobäi handelt et sech ëm Fonctionnaires, déi no hirer Nominatioun während 18 Méint eng Décharge vun 5

Leçons/Woch kritt hunn, fir hiren Travail de candidature ze schreiwen, dësen awer net ofginn hunn. Sie hunn also fir déi Décharge keng Géigeleeschtung bruecht.

Et steet hinnen natierlech fräi, dësen Travail de candidature anzereeche, an esou an d'Karriär vum Professer ze kommen.

Wat d'Revendikatiounen vun der FEDUSE betrëfft fir d'Situation vum Candidat-Professeur ze verbesseren, sou wëllt de Minister fir d'Fonction publique den Diskussionen mat deenen eenzelnen Ënnerorganisatiounen vun der CGFP, déi am Kontext vum Avenant zum leschten Gehälter Accord virgesinn sinn, nët virgräifen.

A handwritten signature in black ink, consisting of a large, stylized 'C' followed by a horizontal line and a small loop.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse